the same procedure as every year

De Flyfishing Club Lëtzebuerg huet de Samschde 15. Oktober 2016 seng zweet Manche vum Club Championnat zu Rabais an der Belsch ausgedroen. Bei guddem Hierschtwieder haten sech am Ganzen zwielef Memberen deier Erausfuerderung gestallt. Mir haten eis um zwielef Auer Rendez – vous ginn zu Rabais wou traditioneller Weis eis zweet Manche am Stëllgewässer ausgedroe gëtt. Nodeems mir eis Staangen opgeriicht haten an d'Stänn gesat waren ass et dunn bei d'Waasser gaange wou et um hallwer zwou lass gaangen ass. Mir hunn dräi Duerchgäng zu enger Stonn gefëscht woubäi der tëschent all Kéiers eng véierel Stonn Paus war. Et sinn dëst Joer nawell vill Fësch gefaange gi woubäi d'Fësch am viischten Deel vum Séi vill méi aktiv waren. Och si sämtlech Facettë vum Méckenfëschen zum Asaz komm



Mir haten dëst Joer erstaunlecher Weis de Séi fir eis eleng waren dach kéng aner Fëscher uwiesend. Mir sinn also bei beschte Konditiounen ugetruede fir och dëst Joer eise Clubchampion ze ermëttelen. Den Duerchgang am Stëllgewässer gouf dës Kéier vum Scheid Patrick gewonnen, Hien hat d'Rou Haut ewech a konnt sech souverän virum Bartholmé Patrick duerchsetzen deen déi gutt zweete Plaz beluecht huet. Déi drëtt Plaz war fir de Jung Äender deen domadder ofschléissend am Schlussklassement och dëst Joer erëm als Clubchampion ervir gaangen ass. Genee ewéi d'lescht Joer konnt och de Pierrot Dan, nodeems Hien zu Rabais als Fënneften ofgeschloss huet, déi zweete Plaz am Schlussklassement beleeën. Den Thoma Raymond senger Säits konnt zu Rabais eng gutt véierte Plaz beleeën dat et Him erlabe sollt am Schlussklassement als Drëtten nach op de Podium ze kommen. Mee och all déi aner Fëscher hunn hiert Beschte ginn an esou kënne mir och dëst Joer erëm op ee gelongent Clubfëschen zeréck kucken. Eise President hat sech och erëm dëst Joer net huele gelooss a war extra laanscht komm fir nom Fëschen an enger gemittlecher Ronn am Bistro um Séi d'Klassement ze verkënnegen.

Endresultat vum Clubfëschen 2016

Numm:	Heischentergronn:		Rabais:		Schlussklassement:	
Jung Äender	346	1.	375	3.	721	**1.**
Pierrot Dan	253	2.	313	5.	566	**2.**
Thoma Raymond	186	5.	330	4.	516	**3.**
Scheid Patrick			490	1.	490	4.
Bartholmé Patrick			442	2.	442	5.
Hoffmann Jemp	187	4.	150	8.	337	6.
Asani Sedat	209	3.	45	10.	254	7.
Nicolas Jemp	160	6.			160	8.
Garca Roger			160	6	160	8.
Dilk Luss			154	7.	154	10
Lemmer Roger			105	9.	105	11.
Muno Dan	45	7.	45	10.	90	12.
Dumont Marc	45	7.	45	10.	90	12.
Duton Marc	45	7.			45	14.

Clubchampion 2016 Jung Äender

Vize - Champion : Pierrot Dan

Drëttplacéierten: Thoma Raymond

deen décksten Fësch huet den Bartholmé Patrick gefaangen eng Reeboufrell von 44 cm